schafen, mä fir ze kucke wéi et mat de Rechter vun de Leit en général geet.

Dat geet zréck op eng Recommandatioun vum Conseil de l'Europe an och op eng Deklaratioun vun den nationale Médiateuren, déi am September 1999 zu Paräis zesumme komm sinn. Ech erlabe mer, lech, Här President, fir de Premier déi Recommandatioun mat ofzeginn, zesumme mat menger Proposition de loi iwwert de Sujet.

An ech wëll ophalen, andeem ech nach just eppes soen, an zwar dass de Premier mengt, dass, wann de Knoutermann, wéi hien et seet, net géif eens gi mat enger Problematik, e se misst un d'Petitiounskommissioun weider ginn. Dat geet menger Meenung no net, well d'Kompetenze vun deenen zwee sinn an all de Länner, wou et besteet, anerer.

De Knoutermann oder d'Ombudspersoun ass zoustänneg fir individuell Beschwerden, während d'Petitiounskommissioun am Prinzip nëmmen zoustänneg ass fir kollektiv Beschwerden. D'Zesummenaarbecht ass de rigueur, mä net bei deeneselwechte Fäll, an dofir mengen ech awer, eng Konklusioun kënnen draus ze zéien, an zwar déi, dass och am Zesummenhank mat der Ombudspersoun d'Commission des Pétitions misst reforméiert ginn.

2. Dépôt d'une proposition de loi

Ech déposéieren um Schluss nach meng

- Proposition de loi 4798 sur l'instauration d'une ombudspersonne.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Packe mer den Här Haupert nach mat 15 Minutten?

(Assentiment)

Dann ass et un lech, Här Haupert.

3. Débat sur l'état de la Nation *(Suite)*

Discussion générale (Suite)

M. Norbert Haupert *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech weess zwar net, ob 15 Minutten duerginn, fir mech ze packen, . . .

(Interruption)

. . . mä ech wäert da versichen, datt ech meng Ried a 15 Minutte packen!

(Interruptions)

Voilà!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Statsminister huet a senger Ried zur Lag vun der Natioun en net onwesentlechen Deel dem Recht op Wunne gewidmet. Och eng Partie vu menge Virriedner hu sech an hirer Interventioun länger Zäit mat de Problemer vum Wunnengsbau beschäftegt. De Statsminister schléisst deen Deel vu senger Deklaratioun mat där wichteger Ausso, datt e Mënsch, deen eng Aarbecht an eng Wunneng huet, nëmmen an deene seltenste Fäll Gefor leeft ze veraarmen oder sozial ausgeschloss ze ginn. Dofir si fir hie schaffen a wunnen eminent wichteg fir d'sozial Cohésioun hei am Land.

A sengem Avis vun 1999 zu de Wunnengsbauproblemer bei eis am Land seet de Wirtschafts- a Sozialrot och, datt all Mënsch misst iwwer eng dezent an adequat Wunneng verfügen an datt dat eng Viraussetzung wier fir seng perséinlech Emanzipatioun a seng sozial Integratioun. De Wirtschafts- a Sozialrot schwätzt vun engem fundamentale Recht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Stat an d'Gemenge sinn also an der Flicht, wat de Wunnengsbau ubelaangt. Zënter en eegestännege Wunnengsbauministère besteet, huet d'Regierung eng aktiv Wunnengsbaupolitik bedriwwen an eng ganz Rei vu Mesurë getraff, wouvun ech déi wesentlechst hei wëllt opzielen.

De Krees vun de Leit mat mëttleren Akommen, déi eng Prime fir de Kaf oder de Bau vun engem Eegenheem kënne beanspruchen, ass erweidert ginn. De Betrag vun de staatlechen Hëllefen ass ugehuewe ginn. Den Taux d'amortissement op den Haiser ass an d'Luucht gesat ginn, wat eng Verbesserung vun der Rentabilitéit vun de privaten Investissementer an de locative Wunnengsbau mat sech bruecht huet. E superreduzéierten TVA-Saz ass op de Wunnengen agefouert ginn. Zënter 1992 huet de Stat iwwer 15 Milliarden un TVA u Privatpersounen zréckbezuelt.

Datt déi Dossieren net sou séier traitéiert ginn, wéi mir dat géife wënschen an déi betraffe Leit et gär géife gesinn, läit um Mangel u Personal an der Verwaltung. Hei huet de Statsminister jo och ugekënnegt, datt d'Enregistrementsverwaltung fir d'Opschaffe vun deene Retarden d'nächst Joer Leit bäi géif kréien.

D'Offer vun de Mietwunnengen an de Wunnengen, déi zu moderéierte Präisser zum Verkaf ugebuede ginn, duerch déi öffentlech Promoteuren, ass erhéicht ginn. Den Här Krecké huet bemängelt, datt net genuch Leit vun där Offer vum Fonds de logement kéinte profitéieren. Ëmmerhin ass eng Famill mat zwee Kanner, déi net méi wéi 150.000 Frang de Mount verdingt, éligibel, fir en Haus beim Fonds de logement kënnen ze kafen. De Wunnengsbauminister huet och ugekënnegt, datt hien déi Plaffongen eventuell kéint revidéieren.